

# EIS GEMENG LIEFT, ASS SCHÉIN A FAARWEG!

## EISE CONCOURS "VILLE FLEURIE" GËTT NEES NEI OPLIEWE GELOOSS.

GEMENG SCHËFFLENG

Bedéngt duerch di sanitär Kris war de leschte Concours am Joer 2017! Mee dat soll sech awer elo nees änneren an dofir maachen de "Syndicat d'Initiative et de Tourisme" an d'Gemeng Schëffleng den Opruff un ALL d'Schëfflenger Leit am Fréijoer a wärend de Summerméint hir Virgäertecher, Balconen a Fënsterbänke schéin ze "dekoréieren".

Och am Kader vun Esch2022 a speziell wärend de Méint Juli an August, wou Schëffleng am Mëttelpunkt vun der Kulturhaaptstad steet, wëlle mer eis all zesumme vun eiser schéinster Säit weisen – dofir …

**MAACHT ALL MAT – LOOSST EIS GEMENG LIEWEN!**

## ET WÉNKE SCHÉI PRÄISSER!

Op Initiativ vun eisem „Syndicat d'Initiative et de Tourisme" an dem „Coin de Terre et du Foyer" huet d'Gemeng Schëffleng mat hinnen zesummen all 3 Joer de flotte Concours **„VILLE FLEURIE"** organiséiert. Eng onofhängeg Jury ass an de Summerméint zwee Mol duerch ganz Schëffleng spadséiert an huet sech di verschidde Gäert, Virgäertecher, Balconen a Fënsterbänken ugekuckt a Punkte verdeelt. De Stot mat de meeschte Punkten huet logescherweis gewonnen an e flotte Präis kritt.

Mär profitéiere vun dëser Plaz fir de Responsabele vu „Coin de Terre et du Foyer" e grousse MERCI ze soen, fir déi vill Joeren an deene si dëse Concours mat organiséiert hunn. Aus organisatoresche Grënn kënne si leider net méi dobäi sinn.

✂ - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - -

## UMELDEFORMULAR BIS SPÉISTENS DEN 01.06.2022 OP SCC@SCHIFFLANGE.LU SCHÉCKEN.

Ech/mär maache gäre beim Concours „Ville Fleurie" 2022 mat

Numm a Virnumm: ..........................................................................

Adress: ..........................................................................

Telefon: .................................. E-Mail: ..........................................

**Kategorie:**
(w.e.g. déi betreffend Kategorie ukräizen – et kënnen och zwou oder dräi Kategorie sinn)

o Balkon o Fensterbänk o Virgäertchen

o Ech sinn averstanen, dass Fotoe kënne gemaach ginn an op der Präisverdeelung gewise ginn

..................................................
Ënnerschrëft